



Dossier suivéiert vum

Schäfferot ☎ 359 711-207

✉ college.echevinal@sandweiler.lu

CSV Sandweiler

Här Romain Dumong

Här Jean Lemmer

Sandweiler, den 23. Juli 2024

Betrëfft : Är Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 27. Juni 2024

Eis/Ref.. : CSV - 2024.6.27 - CE

Är /Ref. : Courrier vum 24. Juni 2024

Här Dumong,

Här Lemmer,

Heimadde schécke mir lech d'Äntwerten op Är Froen déi Dir un de Schäfferot hat an der Gemengerotssëtzung vum 27. Juni 2024.

Fro 1:

"Um Busterminal beim Gemengenatelier gouf Opluetstatioun an en Transformator ewech geholl, de Sockel ass stoe bliwwen. Sinn Entreprisë vun der Gemeng ugeschriwwen ginn, fir den Terrain erëm an den Zoustand ze sëtzen, wéi e war?"

Toilette um Busterminal ass an engem ganz schlechten Zoustand. Well Toure vum RGTR geännert hunn, an de Busterminal net méi gebraucht gëtt, froe mir op Toilette nach gebraucht gëtt?

Wann net, kéint se ewech geholl ginn?"

Äntwert:

Dës Aarbechten wäerten am Kader vu den ofgeschlossene Konventiounen gemaach ginn.

Et ass kloer, dass wann Toiletten op dëser Plaz net méi gebraucht ginn, si wäerten eweg geholl ginn.

Fro 2:

"An der Gemengerotssëtzung vum 30. November 2021 gouf den Amendement vun der CSV Sandweiler zum Punkt 3 vum ROI ofgeleent mat der Begrënnung de Schäfferot wéilt „alles" digitaliséieren. Ob Nofro zur Dauer vun deenen Digitaliséierungsbeméiungen huet Mme Buergermeeschtesch ons geäntwert dëst géif ongeféier 3 Méint daueren.

- *Wat ass genau geplangt ze digitaliséieren? / Wat ass ënner „Alles" ze verstoen?*
- *Wat dovun ass méttlerweil ëmgesat?"*

Äntwert:

De Schäfferot erënnert lech drun, dass ären Amendement keng Majoritéit am Gemengerot fonnt huet (kuckt de Libellé ënnendrënner):

« Vu l'amendement au règlement d'ordre intérieur du conseil communal de la commune de Sandweiler proposé par le parti politique « CSV » par courrier signé du 28 novembre 2023, dont extrait ci-dessous :

« Concerne : amendement au ROI, Point 3 sur l'ordre du jour du conseil communal du 30.11.2023

Madame la Bourgmestre,

Madame, Monsieur les Échevins,

Conformément à l'article 10 du règlement d'ordre intérieur, les conseillers sous-mentionnés proposent un amendement au règlement d'ordre intérieur du conseil communal de Sandweiler aux fins de discussion et vote.

Art. 7. - Consultation des documents

o Article à compléter par la phrase suivante :

« Les pièces susmentionnées sont en même temps mises à disposition par voie électronique. »

o Article à compléter par la phrase suivante :

« Le collège des bourgmestre et échevins met à la disposition de chaque membre du conseil communal une adresse de courrier électronique personnelle. (.../...) » ;

par appel nominal et avec 6 voix contre et 5 voix pour décide

de rejeter l'amendement précité au règlement d'ordre intérieur du conseil communal proposé par le parti politique « CSV » par courrier signé du 28 novembre 2023.

par appel nominal et avec 6 voix pour et 5 voix contre décide

de modifier l'article « Art. 16. – Commissions consultatives » du règlement d'ordre intérieur et qui prend la teneur suivante pour les articles 16-1, 16-2 et 16-3 : »

Fro 3:

“No enger Fro vun der CSV an der Sëtzung vum 23. Mee betreffend dem deemools net méi fir jiddereen accessibelen Defibrillator, gouf dësen nom schrëftlechen Areeche vun onser Fro en Urgence nees accessibel gemaach. CSV bedankt sech ausdrëcklech fir déi séier Reaktioun. Den Demontage vun engem Deel vun der neier Clôture kann awer just als akzeptabel temporaire Léisung ugesi gi fir den Defibrillator nees accessibel ze maachen.

Ass geplangt den Defibrillator ob eng méi exposéiert Platz ze verréckelen, oder ob méi sichtbare Plätzen entsprechend Schëlter opzehänken déi op den aktuell gutt verstoppten Emplacement vum Defibrillator hiweisen?”

Äntwert:

De Schäfferot verweist op seng Äntwert vum 23. Mee op Är Fro wou Dir déi folgend Äntwert kritt hutt :

“D’Gemeng ass am Gaangen dëse Site am Kader vum Container-Vestiaire ze reaménagéieren an d’Aarbechte sinn nach net ofgeschloss.

Et ass ganz evident, dass den Defibrillator soll einfach accessibel si fir d’Leit”.

De Schäfferot gesäit vir fir en 2. Defibrillator ze installéieren.

Fro 4:

“An Ärer Äntwert ob ons Fro aus der Sëtzung vum 7 Mäerz betreffend dem Projet aus dem Budgetsposte 4/910/223410/99002 (Aquisition de parasols pour la terrasse et l'aire de jeux de l'école, sise rue Nicolas Welter à Sandweiler.) hutt Dir ons deemools informéiert dass Prozedur fir d'Uschafen am Gaange war. Ass dat néidegt Material méttlerweil bestallt, a wa jo, wéini gëtt et viraussichtlech geliwwert a montéiert?”

Äntwert:

Dem Schäfferot seng Äntwert op Är Fro vum 7. Mäerz war : *“Leider hat Dir den Dësch am Gemengerot vum Donneschdeg 7.3.2024 verlooss, esou dass Dir Är Fro net perséinlech konnt beim Punkt 15 “Questions des conseillers communaux” virbréngen.*

De Schäfferot deelt lech mat, dass d'Planung fir d’“Acquisition de parasols pour la terrasse et l'aire de jeux de l'école, sise rue Nicolas Welter à Sandweiler” ofgeschloss ass an dass elo d'Prozedur fir d'Uschafen am Gaang ass.

De Montage gëtt esou schnell ewéi méiglech gemaach.”

Fro 5:

“Wat ass den aktuelle Stand vum Projet „neie Ressourcenzenter” zu Mënsbech?

Sinn d'Pläng fäerdeg?

Sinn d'Pläng an der Prozedur?

Ware schonn Ausschreiwungen?

Wann jo, wat kascht de Ressourcenzenter am ganzen a wéi héich ass de finanziellen Deel vun der Gemeng Sandweiler?

Wéi vill Subside kritt d'Gemeng Sandweiler dofir vum Staat?”

Äntwert:

D'Planung huet geännert an de Schäfferot huet nach keng offiziell Informatiounen kritt.

Fro 6:

“Gouf de plan pluriannuel de financement 2024 (PPF2024), sou wéi am Circulaire vum Ministère de l'intérieur n° 2023-137 gefrot, bis spéitstens de 15 Februar 2024 un de Ministère des Affaires Intérieures geschéckt?”

Äntwert:

De 15. Februar 2024 ass de PPF 2024 op d'Plattform geluede ginn an d'Conseillere hunn en de 16. Februar 2024 gemailt kritt.

Dat heescht de Schäfferot huet d'Délaie respektéiert an dohier versteet hien de Sënn vun Ärer Fro net!

Fro 7:

“Wat ass de Grond dofir de Plang vum Parc, wéi an der Sëtzung den 23 Mee presentéiert, net ze publizéieren oder de Gemengeréit zur Verfügung ze stellen?”


Vu de« Sandweiler Aktuell 10-2024 » an d'Weigerung de Plang zur Verfügung ze stellen an de publizéieren, gesäit et sou aus wéi wann de Schäfferot dee Plang nach mol géif iwwerschaffen. Ass deem sou?”

Äntwert:

Dir huet festgestallt, dass e schematesche Plang an der Gemengerotssëtzung vum 23. Mee presentéiert ginn ass.

De Schäfferot ass enttäuscht, dass Dir esou eng Polemik lass getrëppelt huet, well hie just matdeele wollt, dass de Plang géif iwwerschafft ginn an dass d'Infrastrukturaarbechte géifen ufänken.

De Gemengerot an d'Kommissiounen kréien de Plang presentéiert, wann e prett ass fir diskutéiert ze ginn.


A handwritten signature in blue ink, featuring a large, stylized initial 'C' followed by several loops and a final flourish.

Claude Mousel
Schäffen

De Schäfferot,

A handwritten signature in blue ink, starting with a large, stylized 'J' and followed by the name 'Breuer' in a cursive script.

Jacqueline Breuer
Bürgermeeschtesch

A handwritten signature in blue ink, consisting of a large, oval-shaped initial 'C' followed by a few loops and a final flourish.

Corine Courtois,
Schäffin